

Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Laurent Mosar) ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Frank Colabianchi) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Dan Biancalana), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Jeff Engelen) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

#### 4. 8037 – Proposition de loi relative aux propositions motivées aux fins de légiférer

Mir kommen elo zur Proposition de loi 8037 iwwert d'Biergerinitiativen. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vun der Proposition de loi, den honorabelen Här Mars Di Bartolomeo.

##### Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP), coauteur-rapporteur | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mat der Proposition de loi 8037 setze mer eng vun deene wichtege Erneuerunge vun eiser iwwerschaffter Verfassung, déi den 1. Juli a Kraaft trëtt, an d'Praxis ëm. Domat wäert déi aktiv Bedeelegung vum Bierger um legislative Prozess erweidert ginn.

D'Verfassungskapitel iwwert d'Chamber an de Staatsrot gesäit am neien Artikel 79 Follgendes vir: „La Chambre des Députés se prononce en séance publique sur des propositions motivées aux fins de légiférer, présentées par cent vingt-cinq et soutenues par douze mille cinq cents électeurs au moins. La loi règle l'exercice de ce droit d'initiative législative.“ Dat geschitt elo mat dëser Proposition de loi.

D'Iddi hannert dësem Instrument fir d'Biergerbedeelegung geet bis op de Regierungsprogramm vun 1999 zrëck. 2004 sollt de Projet de loi 5132 schon esou en Instrument an eis Legislatioun afügen. De Staatsrot huet sech awer deemools opposéiert. D'Chamber war du gewëllt, dës Neierung an der Verfassung ze berücksichtegen – dat ass geschitt an haut gi mer an d'Praxis iwwer.

Nom Avis vom Conseil d'État zu der Proposition de loi 8037, deen eng Rei vun Oppositions formelles enthalen huet, huet d'Institutionskommissioun deenen Awänn vum Staatsrot Rechnung gedroen an no deenen Adaptatiounen wäert den Oflaf vun dëser Initiativ folgendermoosse lafen: Fir eng Proposition de loi duerch de Bierger kënnen ze presentéieren, brauch et 125 Leit, déi esou eng Proposition abréngen, an et brauch 12.500 Leit, déi se ënnerstëtzen. Déi béid Gruppe mussen Wieler bei de Legislativwale sinn.

Déi Virschléi beschränke sech op normal Gesetzer, kënnen also keng Revisioun vun der Verfassung viséieren. Et kënnen Virschléi fir en neit Gesetz sinn oder fir d'Ännerung vu besteende Gesetzer respektiv fir e Gesetz ofzeschaffen. Et kënnen keng Gesetzesprojeten oder -propositionen modifizéiert ginn, déi schon am legislative Prozess sinn. D'Proposen hunn déi nämmelech Form wéi eng Proposition de loi, si mussen op Franséisch verfaasst sinn. Eng Proposition, déi refuséiert ginn ass, dierf net mam nämmelechen oder quasi nämmelechen Objet innerhalb vun engem Joer nei abruucht ginn.

Den Depot kann elektronesch gemaach ginn. Mir hunn dofir en extrae Site op eisem allgemenge Chambersite ageriicht, deen den 1. Juli mat der Akraaftsetzung vun der Verfassung online geet. Déi kënnen iwwert den elektronische Wee respektiv iwwert de Pabeierwee – awer net vermëscht – abruucht ginn. All Wieler muss säin Numm, Virnumm, seng Identifikationsnummer, seng Mail-Adress fir den elektronischen Depot respektiv seng Adress, wann et iwwer Pabeier geet, uginn. D'Identitéit vun deenen 125 Wieler, déi de Virschlag presentéieren, gëtt vun der Chamber kontrolléiert souwéi och hir Aschreiwung op de Wielerlëschten. Do kënnen mer op d'Hëllef vum Centre des technologies de l'information vum Staat zielen, fir och déi néideg Confidentialitéit ze sécheren.

D'Presidentekonferenz kontrolléiert an den dräi Méint nom Depot d'Anhale vun den Depotskonditiounen. Wann d'Presidentekonferenz d'Propos als recevabel ugesäit, da ka se net méi zeréckgezu ginn. Wann d'Konditiounen net erfëllt sinn, da gëtt se hifälleg. Déi Proposen, déi d'Konditiounen erfëllen, ginn um speziell ageriichte Chambersite publizéiert an ab deem Dag vun der Publikatioun kënnen och d'Ännerschrëfte gesammelt ginn.

Déi recevabel Propos muss d'Ännerstëtzung vu weinstens 12.500 Wieler kréien, dat an engem Delai vu véier Wochen ab dem Moment, wou d'Collecte vun de Signaturen ugaangen ass. D'Ännerstëtzung kann och do elektronesch oder op Pabeier gemaach ginn, net vermëscht. Jidderee vun de Wieler muss säin Numm an erëm eng Kéier all déi Donnéeën, déi virdru verlaangt sinn, uginn. Och hei kontrolléiert d'Chamber d'Reichtheek vum den Donnéeën vun de Signatairë, souwéi hir Aschreiwung op de Wielerlëschten. Am Fall vum Netrespekt vun de Konditiounen gëtt d'Prozedur clôturéiert. Ass alles an der Rei, schreift d'Conférence des Présidents den Debat iwwer d'Propos op den Ordre du jour vun enger nächster ëffentlecher Sétzung. D'Conférence des Présidents ka virdru Debat Proposen an eng parlamentaresch Kommissioun weiderginn, fir dass dës zousätzlech Erläuterunge vun den 125 Wieler kritt, déi d'Propos presentéiert hunn. Et kënnen awer net déi 125 an d'Kommissioun kommen, mee eng Delegatioun vu maximal fënnf Leit.

D'Chamber prononciéiert sech mat enger Majoritéit vun de Stëmme fir oder géint d'Fortsetze vun der parlamentarescher Prozedur bei där Propos. Wann de Vott positiv ass, da gëtt d'Propos an eng parlamentaresch Kommissioun geschéckt, déi sech dann am Fong mat der Propos ausenanneretzt a se bearbecht. Den Examen au fond mécht sech no der Prozedur, wéi se fir d'Propositions de loi am Chambersreglement virgesinn ass. En negative Vott an der Pleniëre clôturéiert déi ganz Prozedur. Kënnst et dann zum Schluss zu engem positive Vott an der Pleniëre, jo, da gëtt déi Proposition vun de Bierger zu engem reegelerchte Gesetz.

D'Avisen, ugefaange beim Conseil d'État, der Chambre des Salariés, der Chambre des Fonctionnaires et

Employés publics an der Datschutzkommissioun, kënnst Dir an eisem schrëftleche Rapport noliessen.

D'Institutionskommissioun stoung geschlossen zu dëser Proposition an ech ginn hei bei dëser Geleeënheet dann och direkt den Accord vun der LSAP-Fraktioun a soen Iech alleguer Merci. A merci virun allem fir déi ganz positiv Zesummenaarbecht an der Institutionskommissioun a wéi och bei anere Saachen déi gutt Zesummenaarbecht mat der Reglementskommissioun. Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools dem Här Rapporteur Mars Di Bartolomeo.

An da wier et um éischten ageschriwwene Riedner, dem honorabelen Här Léon Gloden.

##### Discussion générale

**M. Léon Gloden** (CSV), coauteur | Merci, Här President. Dem Rapporteur merci fir säi schrëftlechen a mündleche Rapport an – et ass och ugeklungen – och merci fir déi gutt Zesummenaarbecht an der Institutionskommissioun.

Hei ass e weidere wichtege Schrëtt zu enger breeder Biergerbedeelegung. Dat war och ee vun de Haaptpunkten an der neier Verfassung; d'Corapportere sinn an der Debat iwwert de Punkt schon op dem Riednerpult heirobber agaangen. De Rapporteur huet hei d'Detailer vun der Prozedur virbruecht, dofir brauch ech elo net méi an d'Detailer hei eranzegoen.

Wat awer wichteg ass: Et ass en zousätzlech Instrument niewent dem Petitiounsinstrument, niewent dem Instrument vun enger Consultatioun – et ersetzt awer natierlech net d'Chamber. Mir sinn den éischte Pouvoir vum Land a mir hunn d'Verantwortung, fir déi Gesetzer ze stëmmen oder net ze stëmmen, wéi mer dat dann an eisen Aarbechte mengen. Et muss een och wëssen, datt dëst Instrument vill méi wäit geet wéi zum Beispill eng Petitioun, an och d'Responsabilitéit vun deene Leit, déi dëst Instrument declenchéieren ass och vill méi grouss, well am Fong gi se eng Propos eran hei an d'Chamber, déi dann de Processus législatif duerchleift wéi eng Proposition de loi oder e Projet de loi, ni moins mee och ni plus. Dofir wollt ech dat hei nach eng Kéier ënnersträichen, well ech mengen, datt ass dobausse vläicht net esou wouergeholl ginn.

Da weist och dës Punkt, dëst zousätzlech Instrument: Wann een eppes juristesche decidéiert, muss een och genau wëssen, wat déi verschidden Etappen hannerdru sinn, déi ee muss duerchlafen, well mine de rien hu mer laang missen eis Gedanke maachen, wéi mer dat praktesch ëmsetzen. An do war et wichteg, datt mer de Backup haten hei vun der Chamberverwaltung an och vun externe Conseillere, fir dat eeben och kënnen iwwert den informatische Wee visuell kloer dohinner ze stellen, net ze komplizéiert ze maachen, fir datt d'Leit net scho virun engem Bierg stinn, éier se d'Instrument wëllen a kënnen declenchéieren. Dat war den Defi, nodeem mer d'Verfassung gestëmmt hunn, fir dat en route ze setzen.

An dofir nach eng Kéier merci fir déi gutt Zesummenaarbecht op dësem Punkt an ech ginn den Accord vun der CSV-Fraktioun. Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Gloden. An da ginn ech d'Wuert un déi honorabel Madamm Simone Beissel. Madamm Beissel, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Simone Beissel** (DP), coauteure | Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, virop och mäin häerzleche Merci un de President-Rapporteur Mars Di Bartolomeo fir säin exzellente schrëftlechen a mündleche Rapport an, wéi gesot, ech hänke mech drun

un dat, wat de Léon Gloden gesot huet: Merci alleguerten deenen, déi esou gutt an der Verfassungskommissioun wéi och an der Verwaltung matgehollé hunn, fir dann awer hei aus der kniwweleger Problematik en Text erauszuschaffen, dee fir all Mënsch tragbar ass.

Ech erënneren Iech drun, dass mir am Exercice 2021–2022 eleng vum Juli bis zum Juli 428 öffentlech Petitiounen hei erakritt hunn, an dem Joer virdrun nëmmen 271. An dat heescht, en gros huet et sech praktesch verduebelt. Ech mengen, dat weist den Interesse vun eise Bierger dobaussen, fir hei d'Gesellschaft matzestalten a fir sech och anzubringen, fir e bestëmmte Problem ze léisen.

Am Koalitiounsvertrag vun 2018–2023 hat d'Regierung ganz kloer gesot, dass se eebe gär géif d'demokratesch Participatioun fërderen an notament eeben duerch d'Mise en place vun der Biergerinitiativ a Saache Legislatioun. An et ass schonn ugeklungen: Am Kader vun eiser rezenten Verfassungsrevisioun gouf dann d'Initiativrecht duerch den Artikel 79 consacréiert. Ech ginn net méi an den Text an, well de Mars Di Bartolomeo e jo scho virgelies huet. De leschte Saz, deen ass awer wichteg, et ass eebe just, dass: „La loi règle l'exercice de ce droit d'initiative législative“, an dat maache mer duerch den Text vun haut de Mëtteg. Mir setzen also eise Grondtext vun der Verfassung elo a Musek ëm. Op d'Detailer vun den Dispositiounen ginn ech net méi an, well, wéi gesot, déi sinn an dem schréffleche Rapport ganz festgehalen an och am Text.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, et ass awer fir mech en historiesche Moment hei! Wéi gesot, nom Prinzipp, dee mer jo an der Verfassung festgehalen hunn, kreëiere mer duerch d'Gesetz, wou mer dat elo ëmsetze wëllen, eng drëtt Source législative. Joerhonnertelaang ass iwwerall an de Systemer ... an net nëmmen zu Lëtzebuerg – Dir wësst, mir hanken um belschen an um franséische System –, sinn et ëmmer nëmmen zwou Voië ginn. Dat heescht, de System vun de Projets de loi, deen eebe vu Regierungssäit erakënn, an dann d'Proposition de loi, déi vun den Deputéierten erakënn, an elo kréien d'Bierger en Initiativrecht, fir matzebestëmmen. Mir hunn et zwar streng regléiert, well mir hunn awer ëmmer de Souci, wa mer dat kreëieren; „Il faut que l'ordre reste dans la boutique.“

125 Wieler, dat heescht Lëtzeburger, déi op de Walleschten ageschriwwen sinn, kënnen d'Proposition erabringen, entweder elektronesch oder awer op klassesch Manéier op Pabeier. Mir hunn dat extra gemaach, well mer wëllen all Mënsch mathuelen, independent vum sengem Alter. Et ass net all Mënsch mat den elektronischen Technologien esou bekannt oder awer en huet einfach eng Präferenz fir Pabeier an et geet jo drëm, fir esou breet wéi méiglech do ze schaffen, dofir hu mer do déi zwee Weeër virgesinn.

De Mars Di Bartolomeo huet awer scho kloer gesot: Vun engem gemischte System, hybrid also, zwëschen Elektronik an analog, hu mer ofgesinn, well d'Erfahrungswärter eis weisen, dass et net méiglech ass, dee Moment herno genau ze verifizéieren an ze validéieren, wien do wat eraginn huet.

Nodeems dës Biergerinitiativ da fir recevabel erkläert ginn ass – de Mars Di Bartolomeo huet d'Detailer ginn eeben iwwert d'Recevabilité –, geet et jo dann drëm, fir an deene véier Wochen 12.500 Stëmmen ze sammelen. A mir waren do e bëssen an der Analogie zu eise Petitiounssystem, do brauch et der 4.500, a mat der Voie électronique huet sech jo awer oft gewisen, dass dat méiglech ass. An 12.500 a véier Wochen, dat musse mer elo kucken, mee normalerweis

ass dat awer technesch machbar an an deem Moment misst déi Biergerinitiativ ouni Problem kënnen hiert Resultat erreechen. Insgesamt ass et wichteg, déi Participatioun esou accessibel ze maache wéi méiglech.

Et ass scho gesot ginn: Et gëtt en neien Internetsite, deen ass elo vum 1. Juli un operationell. Et geet fir d'éischt mat der franséischer Versioun, da kënnst spéider déi lëtzebuergesch an déi däitsch, an et ass och nach ugeduecht, vu dass mer a Momenter jo awer e komplizéierte Vocabulaire hei gebrauchen, dass och nach e System vu Leichter Sprache op de Site gesat gëtt, fir dass all Mënsch dat gutt versteet.

Här President, wa mer wëllen d'Leit alleguer mathuelen an d'Accessibilitéit maache vu partizipativer Demokratie, geet et awer niewent der renger technischer Accessibilitéit och dodrëm, dass een d'Leit bilt, dass d'politesch Bildung Loscht mécht, fir matzemaachen, Loscht mécht, eis Gesellschaft matzestalten. An Dir wësst vläicht, dass e Plan d'action national de la jeunesse 2017–2020 opgestallt ginn ass an do ass, niewent der Transition vers l'emploi an dem Logement als zwee Pilieren, als drëtte Pilier eebe just d'Participation démocratique oder d'Démocratie participative virgesinn. Well politesch Bildung mécht net nëmme Loscht a mécht Kenntnis, et mécht aus eise Kanner mëndeg, mee och kritesch Bierger, déi dann à même sinn, fir iwwer esou e Wee hir Iddien an hir Propositionen no deem neie System hei eranzubringen a matzehëlfen, eis Gesellschaft virunzebréngen an eist Land esou performant wéi méiglech mat sengem System, mat sengen Institutionen ze gestalten. Dat si mer elo amgaang, hei ze maachen.

Nach eng Kéier merci un all d'Mënschen, déi gehollé hunn, an ech gi mat grousser Freed den Accord vun der DP-Fraktioun.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Mammad Beissel. An da wär et um honorabelen Här Charles Margue.

**M. Charles Margue** (déi gréng), coauteur | Jo, ech wëll och dem Mars Di Bartolomeo Merci soen, a virun allem widerhuelen ech dat, wat elo gesot ginn ass iwwert d'Qualitéit vun der Aarbecht, déi mer an der Institutionskommissioun haten, fir dësen Dossier an och déi zwee virdrun an dee leschten, deen ech nach wäert presentéieren.

Et ass dat, wat de Premier virdu gesot huet: Et geet hei net drëm, eng – wéi soll ech soen? – Parteilichkeet ze maachen, mee einfach, d'Institutionen ze stäerken. Et ass och hei dës Proposition, déi op e Virschlag, ganz initial, zrëckgeet, wou d'Leit gehéiert gi sinn, wéi mer am Kader vun der Verfassungsreform ënnerwee waren an dat ass scho laang hier. Bei „Är Virschléi“ ass gekuckt ginn, dass d'Biergerbedelegung kéint gestärkt ginn an dat geschitt mat deem heite Fall. Et ass scho gesot ginn: Et ass eng Weiderentwicklung vun deem, wat mer bis ewell bei de Petitiounen hunn. Mee bei de Petitiounen gesi mer och eng gewëssen Entwicklung, wat der der Petitiounskommissioun de Moment immens Aarbecht mécht, well all méiglech Froe mat ënnerschiddlechem Gewiicht do opkommen.

Hei hu mer elo en Instrument geschaaft, wat fir d'Leit sënnvoll ass an och fir Gruppementen, déi dobaussen ënnerwee sinn an déi am Fong frou wäeren, Gesetzesproposen eranreechen ze kënnen a se dann esou wäit auszuschaffen, dass hir Membere se och kéinten ënnerschreiwen, plus aner Leit. Ech wëll och drop hiweisen, dass dat Ganz wéi ... Et mécht een e Gesetz jo net ... „Ça ne coule pas de source“, dat muss ee jo kënnen, a wéi d'Virriedner drop hiweisen hunn, hu mer eis elo drop géeneegt, dass

d'Chamberverwaltung via dee Site, awer och soss, uspriechbar ass, dass net wéinst Formfeeler oder Prozedurfeeler oder fënnf Ënnerschrëften, déi da géife feelen, den Instrumentarium géif blockéiert ginn.

Neen, d'Verwaltung vun der Chamber steet deene Leit, déi esou eng Initiativ wëllen erarechen, zur Verfügung an zur Hëllef, och wat d'Formulatioun ugeet. An duerno hu mer decidéiert, dass mer an eng Richtung entgéintkommen, wou d'gesetzgeeberech Aarbecht dann der Chamber hir ass. An dofir hu mer jo gesot, dass mer de Wee aschloen, wann et bis an der jeeweileger Kommissioun och fir jiddwereen an där Kommissioun recevabel ass, da gi mer de parlamentaresche Wee an da loosse mer d'Chamberprozedur lafen. Da gëtt de Staatsrot en Avis gefrot an och all déi aner Corps constitués, déi hir Avis solle ginn. Et ass also hei eng Balance tëschent engersäits der Initiativ vun de Leit dobaussen, déi sech kënnen zesummendinn, an der Verantwortung, déi mir als Chamber huelen, definitiv, fir e Gesetzesprojet, eng gewëssen Initiativ, kënnen op e gutt Enn ze féieren.

Ech soen Iech Merci a ginn den Accord vun der grénger Fraktioun.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Margue. An ech ginn d'Wuert weider un den Här Fernand Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Här President, villmools merci. Ech mengen, léif Kolleeginnen a Kolleegen, et ass vläicht gutt, datt mer eng Kéier, wa mer hei d'Geleeënheet hunn, e bëssen e Bléck op d'Biergerbedelegung werfen. Dat ass e ganz moderne Konzept. Mir freeën eis driwwer, well mir als ADR souwisou fir eng direkt Demokratie stinn. An direkt Demokratie heescht fir eis un éischter Plaz: de Referendum!

**Plusieurs voix** | A!

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Ech gesinn, dat fënnt hei direkt spontan Zoustëmmung.

(Hilarité)

Dat ass och ganz gutt, well ech wëll Iech soen, datt wa mer haut iwwer Biergerbedelegung nodenken a gesinn, wat geschitt, dann hu mer net vill Grond, zefridden ze sinn. Mir hunn zum Beispill erlieft an deene leschte Joren, datt esou Biergerkonsultativ Réit gegrënnt gi sinn, och hei am Ëmfeld vun eiser politescher Aarbecht, an datt mer awer gesinn hunn, datt déi Leit op eng bestëmmt Manéier – vläicht duerch Zoufall, vläicht net duerch Zoufall – selektionéiert a guidéiert goufen an hirer Aarbecht. A wéi duerch Zoufall koume Resultater eraus, déi awer an d'Regierungspolitik – oder an déi eng oder aner Partei an der Regierung – ganz gutt passen.

Dat ass fir eis e Problem, well mir wëllen net, datt d'Biergerbedelegung mëssbraucht gëtt, fir se esou ze politiséieren, esou ze guidéieren, esou ze selektionéieren, datt se bestëmmt politesch Zwecker soll erfüllen. Et ass esou, datt mir ënner Biergerbedelegung dat verstinn, wéi et soll sinn: D'Vollek decidéiert souverän, mir als hir Mandatairen erfüllen hire Wëllen. Dat ass e Grondusaz, dee mir hunn.

Elo hu mer hei en neit Instrument fir Biergerbedelegung, dat ass déi Initiative citoyenne, eng legislativ Prozedur, eng nei. Och dat begrësse mer. Mir wëssen net, wéi dacks et wäert benotzt ginn, well och elo ass et jo schonn esou, datt, wa wierklech eng grouss Zuel – an hei schwätze mer jo vun iwwer 12.000 Leit –, wann dee Wunsch an der Gesellschaft present war, fir eng Initiativ ze huelen, huet sech bis elo, mengen ech, ëmmer en Deputéierte fonnt, deen eng Proposition de loi gemaach hätt, déi dem Wunsch vun iwwer 12.000 Leit



an der Gesellschaft entsprach hätt. Ech ka mer bal net virstellen, datt heibanne keng Sensibilitéit vertruete wär, fir esou eng gutt Iddi – oder op alle Fall eng Iddi, déi vill Zousproch fénn – , opzegraifen an déi hei dem héijen Haus virzeleeën.

Mir mussen also emol kucken, wéi dat an der Praxis sech elo entwéckelt a wéi mer domat ëmginn, mee mir als ADR, jo, ëmmer konsequent Biergerbedeelegung, jo, mir kënnen dat hei matdroen.

An elo loosst mech awer eng Reflexioun hei féieren, déi Der bestëmmt, léif Kolleeginnen a Kolleegen, alleguer kënt genauso spontan novollzéie wéi dat, wat ech Iech virdu gesot hunn. Mir hunn hei e Seuil vun 12.500 Leit, wou all Mënsch heibanne seet: „Jo, bei 12.500 Leit mussen mir aktiv ginn, mir mussen dat eescht huelen, mir mussen déi Initiative citoyenne hei an d'Pleniëre huelen, hei diskutéieren, hei ofstëmmen, hei behandelen.“ 12.500 Leit: Mir hate während der Verfassungsdebatte eng Petitioun, d'Nummer 2007, déi huet a kierzester Zäit – a kierzester Zäit! – méi wéi 18.000 Ënnerschrëfte kritt; se ass ignoréiert ginn! D'Leit hunn e Referendum gefrot, deen Dir heibannen de Leit versprach hutt. Duerno krut der 18.000 Ënnerschrëften op eng Petitioun an Dir hutt et ignoréiert – 18.000 Ënnerschrëften ignoréiert! –, well et Iech net an Är Affär gepasst huet! Awer hei sot Der: „12.500 Ënnerschrëften, dat ass esou vill, dat mussen mer eescht huelen.“

Dat ass eng Kontradiktioun, déi mir als ADR net akzeptéieren. Wann Der 18.000 – an dat ass méi wéi 12.500 –, wann Der dat net eescht huet, wéi grouss ass Är Kreditibilitéit dann an anere Beräicher? Déi ass net grouss!

Wann Dir Biergerbedeelegung wëllt, ma dann huet Iech dach emol e Beispill un der Schwäiz: Ëmgerechent wärend mer dann ongeféier bei 3.000 Leit, wann déi e Referendum froen. Da solle mer de Referendum aféieren, et ass dat, wat mir soen: Kommt, mir maache méi direkt Demokratie! Kommt, mir ginn de Leit hei am Land ze decidéieren, wat an hiren Ae wierklech soll gemaach ginn! Mir hunn et 2015 gemaach, dräi Mol, an haut mierke mer leider schon, datt déi eng oder aner Partei erëm d'Konklusioun vum Referendum 2015 wëll a Fro stellen. Och dat ass e Wee, dee mir net matginn.

Wéi gesot, d'ADR huet hei eng kloer Positioun, eng kredibel Positioun, eng, déi sech kloer zur direkter Demokratie bekennt, an alles, wat mer hei maachen a Richtung Biergerbedeelegung, kënnen mer matmaachen – awer, wannechgelift, wann et Iech éierlech gemengt ass!

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Kartheiser. Här Kartheiser, erlaabt Der, datt den Här Kersch Iech eng Fro stellt?

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Gär, gär.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Zu der kredibeler Positioun vun der ADR: Dir hutt virdu e Chiffer genannt vun esou vill Ënnerschrëften, déi gesammelt gi waren. Ech wollt just nach eng Kéier nofroen, d'ADR hat jo och eng Ënnerschrëftesammlung lancéiert: Wivill Ënnerschrëften hat Dir da kritt fir dee Referendum, vun deem Dir schwätzt?

**Une voix** | 436!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Mir hunn hei ...

**La même voix** | 436!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, jo, jo. Kuckt emol, den Här Kersch ... Et ass ganz gutt, datt hien dat hei virbréngt, well mir hu wierklech ...

*(Interruption par M. Dan Kersch)*

Nee, nee. Nee, loosst mech schwätzen, Här Kersch, loosst mech schwätzen, well ech hunn Iech nogelauschert! Et ass sou üblech: Deen ee schwätzt an da schwätzt deen aneren. Een nom aneren, wësst Der?

Gutt, et ass elo sou ...

**M. Fernand Etgen**, Président | Een nom aneren, mee den Här Kersch hat eng prezis Fro gestallt.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, majo. Jo, dann däerf ech jo drop äntwerten. Well et ass eng vun deene Saachen ... Wësst Der, et gëtt an der Politik jo esou Ablécker, déi een heiansdo schwéier fénn, an et gëtt anerer, wou een immens houfreg ass op dat, wat ee mécht. Dat ass esou. Et huet ee schwéier Ablécker, et huet ee gutt Ablécker. An dee wierklech gudden Abléck, mengen ech, wou mir – ech perséinlech a meng Kolleegen an der ADR bestëmmt och –, eis immens gutt drun erënneren an houfreg sinn op eis Aarbecht, dat ass, datt mer während der ganzer Verfassungsdebatte alles gemaach hunn, wat legal méiglech war, fir de Leit dat Recht ze ginn, wat hinne versprach war, nämlech de Referendum.

Mir hunn allkéiers déi Prozeduren ageleet. Mir woussen, dass et hoffnungslos wier, mee mir hunn alles gemaach vun eiser Säit, fir de Leit d'Méiglechkeet ze ginn, e Referendum ze kréien, souwuel hei an der Chamber iwwert d'Ënnerschrëfte vun Deputéierten ...

*(Interruption par M. Dan Kersch)*

Mir wëssen, datt et hoffnungslos ... Dat wouste mer. Mee mir hunn all prozedural Méiglechkeete geholl, fir et ze maachen.

D'Leit dobaussen – net mir, d'Leit dobaussen – hunn déi Méiglechkeet gehat, beim Premierminister eng Prozedur anzeleede fir d'Referendumsprozedur. Dat ware keng ADR-Initiativen, Här Kersch, dat ware Bierger.

*(Interruptions)*

Dat ware Bierger, déi onofhängeg ... Mir hunn esouguer gutt drop Uecht ginn ... Mir hu gutt drop Uecht ginn, datt et net ka vermëscht ginn. Mir hu ganz gutt drop Uecht ginn, fir datt eebe keen eis dee Virwurf ka maachen, ...

*(Brouhaha et interruptions)*

... deen Dir haut probéiert, hei ze konstruéieren. Mir hunn dat net politiséiert ...

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Kartheiser, Dir musst zur Äntwert kommen.

**Une voix** | Gitt dach eng Äntwert!

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Gitt zur Äntwert!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Ma, ech ginn dem Här Kersch grad déi Äntwert.

*(Interruptions diverses)*

**Une voix** | Mir hu se schon. Mir hu se schon!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Mir hu ganz gutt drop Uecht ginn, datt déi Leit, déi déi Prozedur aleeeden, datt dat keng Leit vun der ADR sinn an déi hunn déi Prozedur beim Här Premierminister véiermol ageleet a mir sinn ...

**Une voix** | Dir hutt se véiermol ageleet!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | ... deene Leit immens dankbar, fir dee Courage, dee se gewisen hunn, well si goufen an de Medien zum Deel mat Nimm genannt, zum Deel ugeklot, eppes ze maachen, wat net legitim wär. Mee et ass e Verfassungsrecht, dat déi Leit benotzt hunn, fir beim Premierminister déi Prozedur anzeleeden. Allkéiers, véiermol, bei deene

verschiddenen Deeler, net op ADR-Initiativ, mee an Ausübung vu Verfassungsrechter – a si goufen net gutt behandelt. An ech soen haut: Dat ware couragéiert Leit a mir sinn hinnen dankbar, well si hunn eppes gemaach fir d'Demokratie an eisem Land, si hu sech géint en Trend gestallt, fir d'Bierger an hire Rechter hei ze bekräftegen. Dat war exzellent!

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Kartheiser.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Dir hutt zwar elo laang geschwat, fir eis net ze soen, dass d'ADR-Aktioun genau 486 Ënnerschrëfte krut.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Et gouf keng ADR-Aktioun!

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | 436!

**M. Dan Kersch** (LSAP) | 436.

*(Interruptions diverses)*

**M. Fernand Etgen**, Président | Elo hu mer d'Änwert. Da kënnen mer der Madamm Oberweis d'Wuert ginn.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Merci, Här President. Och merci dem Rapporteur fir den exzellente Rapport.

Jo, déi direkt Demokratie stellt sech nieft déi representativ Demokratie, a mir brauchen déi direkt Demokratie, well iwwert si sech verschidde Fuerderungen a Formuléierungen artikuléieren kënnen, déi an enger reng representativer Demokratie wéi hei, also an engem reng representative Kader, iwwersinn, iwwerhéiert oder ignoréiert gi wieren. Ouni dës Méiglechkeet riskéiert eng Demokratie, vulnerabel an ugräifbar ze ginn. Aus dësem Bléckwénkel begrësse mer natierlech dës Proposition de loi a mir droe se och mat.

Fir datt déi direkt Demokratie awer elo hir Wierkung entfale kann, ass et wichteg, datt d'Prozedur vun de virgesinnenen Instrumenter effektiv sinn. An eebe genee dëst ass e Kritikpunkt vum Text, wéi en haut zum Vott steet. Nom virgeschloenen Mechanismus brauch een also op d'mannst 125 Persounen, déi Lëtzebuerger sinn, an op d'mannst 18 Joer hunn, fir d'Proposition ze deposéieren. An ass d'Proposition recevabel, da start eng Period vu véier Wochen, wou op d'mannst 12.500 Persounen, déi och Lëtzebuerger sinn an op d'mannst 18 Joer sollen hunn, d'Proposition ënnerschreiwe sollen. Fir eis ass dat quasi onméiglech.

Ass dës Etapp erfëllt – wa se erfëllt ass –, da kënn d'Proposition op den Ordre du jour vun enger Séance publique an d'Chamber votéiert mat enger Majoritéit vun de Stëmmen, ob d'parlamentaresch Aarbecht weidergoe soll oder net. Soen also 31 Deputéiert nee, dann ass d'Prozedur, déi all déi opgezzielte Kritiken erfëllt huet, einfach vum Dësch.

Mir gesinn, dee Mechanismus ass also net immens bindend. Aus dem Bléckwénkel vun den Initiatoren vun esou enger Biergerinitiativ, déi vill Aarbecht an Zäit investéiert hunn, muss dat nawell zimmlech demotivéierend sinn. Et muss ee bedenken, dass si schlisslech innerhalb vu véier Wochen – och hei wollt ee jo net an der Kommissioun d'Period op sechs Woche verlängeren, wat ech ënner anerem proposéiert hat – d'Ënnerstützung vun dausende Wieler/inne gesammelt hunn, wat net näischt ass.

An da kann eeben einfach d'Majoritéit déi ganz Aarbecht clôturieren, ouni dass d'Initiatoren iergendeng Méiglechkeet hunn, d'Iddi nach méi breet ze diskutéieren. An dobäi soll grad Demotivatioun an Desinteressi um politesche Geschéien net den Effekt vun direkter Demokratie sinn. Fir eis geet direkt Demokratie anescht: An eiser alternativer

Verfassung, déi ech och hei laang a breet proposéiert a presentéiert hunn, hu mir beispillsweis och d'Méiglechkeet vun enger Initiative citoyenne virgesinn, mam Ënnerscheid, dass eis Prozedur méi Méiglechkeeten a méi Etappen u sech ëmfaasst.

Konkreet gesinn huet se also maximal dräi Etappen. An der éischter Etapp brauch et e Comité citoyen. Dëse Comité muss d'Signaturé vun op d'mannst 0,5 % vun de Biergerinnen a Bierger kréien, déi op de Walleschten ageschriwwen sinn. Ass dëst erreecht, seet och hei d'Chamber Jo oder Nee zu enger Ausschaffung vun enger Proposition de loi. Elo kënn awer de groussen Ënnerscheid zu der Versioun, déi mer haut stëmmen: Bei eis ass d'Prozedur nämlech dann net automatesch fäerdeg, wann d'Chamber et refuséiert. Seet d'Chamber nämlech Nee, dann huet de Comité, deen d'Proposition deposéiert huet, nämlech nach eng Kéier sechs Méint, fir d'Signatur vun des Kéier 2,5 % vun de Wieler a Wielerinnen ze sammeln. Erreche se och dëse Seuil, dann ass et nees un der Chamber, fir Jo oder Nee ze soen. Seet d'Chamber nach eng Kéier Nee, da bleift d'Méiglechkeet vun engem Referendum.

Eis Proposition probéiert also ze vermeiden, dass eng Proposition, déi e gewëssen Zousproch an der Bevëlkerung kritt an déi immens vill Méi an Investissement vu Bierger a Biergerinne kascht huet, net einfach esou hei an der repräsentativer Demokratie ka clôturéiert an ignoréiert ginn.

Wéi scho gesot, mir droen dësen Text trotzdem mat, och wann en eis net wäit genuch geet, well mir fir méi politesch Participatioun, fir méi gelieft Demokratie stinn. Och wann dat fir eis net genuch Stärkung vun Demokratie ass, droe mer en nawell mat. Villmools merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Madamm Oberweis. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement.

**M. Sven Clement (Piraten)** | Merci, Här President. Léif Kollegeinnen a Kollegen, fir d'éischt dann dem Mars Di Bartolomeo e grouse Merci fir de mëndlechen a schrëftleche Rapport.

Mir liewe bekanntlech an enger Demokratie a wëlle Biergerbedeelegung; dat ass och nëmme richtig esou. Vill ze laang haten d'Biergerinnen an d'Bierger keng direkt Méiglechkeet, fir sech an d'Chamber anzebréngen. Dat huet sech geännert mat de Petitiounen, mat der Strukturéierung vun de Petitiounen, déi laang Joren en onstrukturéierten Outil waren. An dat ännert sech och heimaduer nach eng Kéier, an zwar op e strukturéierte Wee, eeben net e Wee, wou een ee muss kennen, deen ee kennt, fir eppes ze maachen, mee wou een eeben och kann als Citoyen lambda, ouni politesch vernetzt ze sinn, seng Uleisesse bis an d'Pleniëre bréngen.

Dozou gehéiert fir d'Piraten nämlech och, dass jidderree kann eng Proposition de loi deposéieren an eeben net nëmme déi, déi souwisou scho vernetzt sinn an eeben en Deputéierte vläicht och esou gutt kennen, dass en den Text direkt géif fir si iwwerhuelen. A mir Pirate sinn derfir, dass mer dat hei strukturéieren. Mir fannen et grondsätzlech eng gutt Iddi.

An ech muss dann och soen, ech verstinn iergendwéi net déi Kritik virdrun, dass d'Biergerbedeelegung déi lescht Joren ëmmer nëmme am Interêt vun der Regierung gewiescht wier. Wann ech mer d'Konklusioun vum Klima-Biergerrot ukucken, da sinn déi vill méi wäit gaangen, wéi dat fir d'Regierung an d'Majoritéitsparteie confortabel war.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Sven Clement (Piraten)** An dat muss een einfach konstatéieren. Ob een da mat deene Meenungen averstanen ass oder net, dat ass nach eng aner Saach, mee et muss een awer éierlech mat sech selwer bleiwen a soen, dass et net esou ass, dass d'Biergerbedeelegung ëmmer nëmme am Interêt vun der Regierung stattfonnt huet.

Zu deem heite Projet: D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics huet an hirem Avis bemängelt, dass et ze vill Hürde géif ginn, soudass et de Leit duerch Seuilen, Delaien an eng aner Rei vu Modalitéiten – an d'Madamm Beissel huet virdru vun dem Refus vun hybride Sammelaktiounen zum Beispill geschwat – extreem schwéier gemaach gëtt an an der Praxis deen heien Outil warscheinlech net immens vill genotzt wäert ginn.

Ech wëll och hei ganz kloer soen: Ech bedauern, dass mer net en hybride Wee fonnt hunn. Ech bleiwen der Meenung, dass dat machbar gewiescht wier, ech hunn awer och konstatéiert, dass an der Kommissioun, wou ech kee Stëmmrecht hunn, keng Majoritéit ze fanne gewiescht wär, déi meng Proposition de loi oder meng Amendementer an deem Sënn vun ausserhalb vun de stëmmberechtigten Memberen ugeholl hätt. Bon, si hu mat där Kritik also och net ganz Onrecht an zumindest bei mir oppen Dieren agerant, mee et ass eis och bewusst, dass et gewëssen Hürde brauch. Mir hätten der anerer virgesinn. Och do, ech ka mech awer mat deem ufrënnen, wat mer elo als éischte Schrëtt hunn.

D'Aarbecht vun der Chamber ass immens wichteg a mir gesinn eleng des Woch, wéi vill Texter mer an enger Woch kënnen heiansdo traitéieren. Dofir ass et och wichteg, dass mer net mat schonn 100 Ënnerschrëfte mat enger Proposition de loi befaasst ginn. Dat heescht, e gewëssene Seuil ass do ganz räsonabel. Nichtsdestotrotz sollte mer eis selwer d'Wuert ginn, dass mer eis an der nächster Legislaturperiod nach eng Kéier deen Outil hei ukucken, éierlech mat eis selwer evaluéieren, wéi gutt en ugeholl gouf a wéi vill Propositionen et bis an d'Chamber dann och gepackt hunn. Well wann do d'Resultat duerno Null oder Eent ass, da sollt ee sech vläicht d'Fro stellen, ob een net nach eng Kéier muss iwwer déi Seuilen hei nodenken.

Bis dohinner gi mer deem Outil eng Chance, mir hopen, dass e breet genotzt gëtt, dass ganz interessant Propositionen aus der Populatioun hei an d'Chamber gedroe ginn, an deementspreechend kënne mir eisen Accord ginn.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Clement.

An da kritt d'Regierung d'Wuert.

### **Prise de position du Gouvernement**

**M. Marc Hansen, Ministre aux Relations avec le Parlement** | Jo, Här President ...

**M. Fernand Etgen, Président** | De Minister, zoustänneg fir d'Relatioun mam Parlament, den Här Marc Hansen.

**M. Marc Hansen, Ministre aux Relations avec le Parlement** | Ech mengen, vu dass dat eng Proposition de loi ass, wëlle mir eis net ze vill als Regierung hei amëssen. Mir haten en Avis gemaach am Oktober 2022. Déi heite Regierung, déi wëll eebe Biergerbedeelegung liewen. Si huet dat a ville Biergerreit scho gewisen an ech mengen, et wär hei bal eng Frechheet vis-à-vis vun deene Leit, ze soen, déi géife sech guidéieren oder dieräengele loosse. Ech mengen, déi Leit, déi kommen dohinner an déi schwätze schonn eppes mat, déi sinn erwuessen an déi hunn dat an de leschte Joren och gemaach. An dat hei ass e weidert

Instrument, fir um legislative Wee aktiv ze ginn. An dofir fanne mir dat natierlech och eng gutt Saach, Här President.

**M. Fernand Etgen, Président** | D'Diskussioun ass domadder ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwer d'Proposition de loi 8037. Den Text steet am Document parlementaire 8037<sup>11</sup>.

### **Vote sur l'ensemble de la proposition de loi 8037 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maachen elo de Vote par procuration. Et ass nach e bëssen Duerchbruch heibanen.

**M. Sven Clement (Piraten)** | Mir hate geduecht, d'Regierung géif méi laang schwätzen, Här President.

**M. Fernand Etgen, Président** | De Vott ass ofgeschloss.

D'Proposition de loi ass mat 58 Jo-Stëmmen, bei kenger Nee-Stëmm a bei kenger Abstentioun ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue (par Mme Octavie Modert), M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz et Serge Wilmes ;*

*Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Frank Colabianchi) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Jeff Engelen) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

## **5. 8036 – Proposition de loi portant modification de la loi modifiée du 27 février 2011 sur les enquêtes parlementaires (suite)**

### **Dispense du second vote constitutionnel**

Dann hat ech virdru vergiess ze froe bei der Proposition de loi 8036: Freet d'Chamber och do d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass och dat esou decidéiert.

## **6. 8181 – Proposition de loi portant modification :**

**1<sup>o</sup> de la loi électorale modifiée du 18 février 2003 ;**

**2<sup>o</sup> de la loi modifiée du 27 juillet 1997 portant organisation de la Cour constitutionnelle**